# D'MINA an hir BO'HNEN.

Kome'disteck an engem Akt,mat Musek no
bekannte Weisen.
arr.v.H.M.

Perso'nen:

Mme.Ro'sebládt, eng besser Madame,
Louise, } hir Diéchter
Nelly, }
Maisy, } hir Emkelkanner,
Gitty, }
Mina Schlamperech, Kächen
Zierden Anekätt, eng Nôpesch
Mme.Rommelskapp, eng Bauerefrâ
Jempi, hire Jong.

---

Szénerie: e bessert Zömmer.

---

Ze beze'hen durch den Th.G.-Verlag EschS.Henri
Preis: 1 Roll = 7 frs.
All Rollen mat 1 mol Opfe'eron: 75 frs.

Weiderverle'hnen oder Ofschreiwen ass verbueden!!

## 1 Szene. Louise - Nelly

d'Louise an d'Nelly kommen op d'Bühn gelâf a jeitzen: "e Bre'f-e Bre'f

Louise: Dén ass vum Jempi-En ass nähmlech vun Rupperdang gestempelt
Nelly : da göff em allt se'er e Kussi! (lâcht)
Louise: (he'ert soss neischt-reisst den Bre'f op,liest,dann sprengt et vun Frèd an d'Lucht,liest hart:An Frl.Louise Ro'seblad in Dengenskirchen. Sehr geehrtes Fräulein-tue euch heimat zu wissen,datt meng Mamm und ich morgen op Dengenskirche kommen,um uns die Gelegenheit unzekucken.
Eng deckeg Bés,Ihr Jempi Rommelskapp.(kesst de Bre'f).
Nelly: (lacht et aus) Hât ech net gesot!
Louise: (he'ert an geseit neischt vun Frèd):Endlech könnt en emol heihinner,we' lâng warden ech ewell schond op dén Besuch! Wât werd meng Mamm och fro' sin,weil ech hun ewell lang gesin datt se mech gär ennert d'Hauf hätt,--(sengt)

(Weis: Et wor emol e Kannone'er!)

Mei Freier ass e sche'ne Männchen,
Vu Rupperdang ass hé gebuer.
Et ass dé sche'nsten hei am Ländchen
Dat soen d'Leit jo alleguer.
Hien ass zwar net me' jonk un Joren
Mä dat huet dach net vill ze soen,
Hien ass net fett an och net moer,
:/:Seng Aen sin ganz himmelblo:/:

Seng Hor de'sin e we'hneg ble'hmlech,
Mä d'Haptsach ass hien huet vill Geld.
An dat gôt jo och fir gewe'hnlech
De' beschte Männer vun der Welt.
O Jempi du mein allerle'wsten,
Du hues mein Hierz am allerde'wsten
verwond mat dengen sche'nen Aen.
:/:Wat soll ech o'hni dech nach man.:/:

Nelly : (lacht et aus): Nén,nén,we'kann èn nömmen eso' geckeg sin.
Louise: (kuckt nach eng Ke'er op den Bre'f):O Jesses Kanner.-De Bre'f ass göschter schons geschriewe gin.-Mä da könnt de Jempi jo haut schons ....... Den Zug vun Rupperdang könt em 11 Auer, dann ass den Postauto hei ge'nt 12.- Wann se net vleicht en ègenen Auto hun?
Nelly : Sie kommen mat dém Auto,wo'mat de Jempi d'Möscht bei d'Rommele fe'ert
Louise: Mä du Frechdacks, ewll hun ech es awer bâl genug!..... Et ass alt gudd, dat mir eis zwo' Niessen hei hun,de'mussen elo gleich virum Haus botzen,(rifft zur Fenster eraus) Maisy - Gitty

## 2 Szene. Vireg Maisy -Gitty.

De' zwé kommen eran gelaf: Watt gelift Tata Louise?
Louise: Dir gitt elo an d'Scheier,do stèt e Biesem, da kiert der ewe'neg virum Haus,t'könnt nähmlech Besuch de Mötteg.
Nelly : (lâcht) Rommelsbesuch.
Louise: Hâl dach de Mond Nelly,de'kleng Kanner sollen net so'vill schwetzen,t'könnt hinnen schueden.
Nelly : Net eso' hötzeg,Schwesterchen!

Louise: Also gitt dir zwé,a wann d'Boma eppes sét,da sot dir ech hätt iech gescheckt.-Mâcht datt fir de Mötteg alles renglech ass!
Maisy : Ja Tata Louise,wien könnt dann?-Wât wöllt d'Tata Nelly soen vun den Rommelen?
Louise: Dir kennt de Besuch jo dach net.Gitt elo!(de'zwé of) Nelly geseis de wat's de ugestallt hues.-Wat kann den Jempi der fir datt hien eso'.hèscht.Grad eso' gutt we' et an der Stâdt eng Famill Kalefflèsch get,kann et zu Rupperdang eng gin de' Rommelskapp hèscht.
Nelly : Jé,jé,Schwesterchen reg dech net op.-Den Numm ass jo ganz sche'n,zemol wann's du emol d'Madame Rommelskapp bass.

3. Szene Louise,-Nelly,-Madame,-

Madame: (könnt eran):Sit dir allen zwé hei,a ként an der Kichen,dir wösst dach datt mer keng Kächen hun?-Mâcht datt gespullt ass, wann eis neit Médchen könt,dât soll e Muster vun enger Käche sin.
Nelly : Wann et jo e Muster vun enger Kächen ass, da kann et jo och musterhaft spullen.-Sie huet dann och Arbecht,wann d'Geschir vun 3 Dég nach an der Kichen stét.
Madame: Jé,Nelly,tuddel net lâng an ge'h an d'Kichen!(Nelly of)
Louise: Du hues em dach schon en Akont gescheckt!(t'schellt)
Madame:Soll dat d'Käche scho sin?-d'Nelly werd jo opmâche goen.
Louise: Wés du dat mei Freier.....ah ech hât der jo nach guer neischt gesot.Also mei Jempi könnt de Mötteg mat senger Mamm,...
Madame:(ennerbrecht):Wât sés de do?Haut de Mötteg!-Wo'ech net do sin.- Mä hoffentlech get et de' Ke'er eppes.Du hâs der ewell schon 4.
Louise: Nén d'ass de 6.... A wien ass dat do? (Mina stèt an der Dir)

4 Szene Madame,-Louise,-Mina,-

(d'Mina ass en Type vun engem Clown.Himmelfahrtsnues,ro't Bâken,d'hor frise'ert ewe' e Kinnek an engem Kélespill,ze'ht un engem Sél sei gro'sse Kuref no.Huet e gro'sse Prebli ennert dem Arm,-ze't de Kuref bis an d'Mött vun der Bühn)

Louise: A wien ass dat do?
Madame: Mei Gott wât e Muster!
Mina : (le'st sech net ste'eren,an der Mött vun der Bühn,setzt sech op de Kuref a sengt,schle't mat dem Prebli den Takt)

Weis: Mit dem Pfeil dem Bogen

Mit dem Korb und Schirme geht ick durch die Welt
Von einer Stell zur anderen,wenn's mir net gefällt,
La,la ........

Bin ick in die Küche blos mein eegner Herr,

kann mich ooch besuchen, mal mein schöner Freierr
La,la ......

Ja,da bleib ick gerne,mache auch's Bestee.
Bin ick doch ne Perle,von 'ner Küchenfee.
La,la ......

(Stét op,begre'sst d'Madame an d'Louise) Gruss Gott,tritt ein,Bring Glück herein!Hipphipphurrah!(huet de Prebli präsente'ert als Gewiehr.)
Madame: Mina, we' gesit dir dann aus?

Mina : Ick! Na wie sie denn?
Louise: (lâcht) We' eng Schiesbudenfigur.
Mina : (beleidegt) Was,ick soll aussehen wie 'ne Schiesbudenfigur? Na dann kann ick ja wieder geh'n.( höllt den Prebli ennert den Arm an zitt um Kuerf fir fort) Adjö.
Madame a Louise hâlen d'Mina zereck)
Madame: Bleiwt dach hei Mina.
Louise: Et war jo net eso'gemengt! ((zur Madame) Mamm mir mussen eis fleissen op émol könnt de Jempi an dass nach neischt gekacht
Madame: Du hues nawell Recht,an ech muss jo fort an d'Stâdt.-Zireden Annekett werd mech elo gleich siche kommen.(d'Mina zitt nach ömmer fir fort)
Mina : Iss mir janz égal!Mina iss keine Schiesbudenfigur
Louise: Dir sitt et jo och net,dir sitt e Muster vun enger Kichenfee
Mina : (stemmt d'Hänn an d'Seit) So bin ick dat wirklich,mein August sagt dat auch immer wenn ich ihm als dann und wann ne Wurscht aus der Küche mitnehm.-Also wenn ick wirklich een Muster bin,dann bleib ick.(wöllt den Kuerf eröm ze'hen)
Madame: Mina loss de Kuerf stoen, dén droen meng zwo' Duechteren for
Mina : Nee,nee Frau Rosenblatt,datt macht de Mina immer alleene, Gott sei Dank.
Madame: Mina,dât lossen ech op kä Fall zo' datt dir iech scho gleich eso' ofschönnt.Louise ruff dach emol d'Nelly.
Louise:(rifft zur Dir eraus) Nelly komm emol se'er eran, hei get et eppes ze lâchen.
Nelly :(könnt era gerannt)

## 5 Szene

Nelly : (kuckt sech d'Mina un vun alle Seiten) Herrjeh wât e Monstru
Madame: Awer Nelly.
Louise: Dat ass dach eist Mina,d'Muster vun enger Kichenfee.
Nelly : Louise hal mech un, ech falen vun de Bén(le'sst sech an den Sofa fâlen)
Mina : (stellt sech virun d'Nelly,d'Hänn an d'Seit gestemmt)-Was bin ick,een Monstrum,wissen sie auch dat das eene schwere Be- leidigung iss,und sowas soll ick mir sie jefallen lassen? Nicht in die Tüte,-Ick gehe.Adjö.(Höllt resolut de Kuerf erö a wöllt fort)
Madame: (hält se zereck) Awer Mina meng Duechter hât et awer net eso' gemengt.
Mina : Sie wissen wohl nicht,dass Monstrum eene schwere Beleidigung iss.
Madame: Ass dat es gefeerlech.
Mina : weil ick bei dem ollen Professor,bei dem ick zuletzt war je- hört habe, dass een Monstrum en Riesenhornvieh ist,na und da' werden sie wohl zugeben,datt ick keen Riesenhornvieh bin, nicht wahr.
Madame: Nén Mina,eso' eppes gleicht iech net,ganz bestömmt net.
Mina : Also darum geh ick ja auch(ze'hr erôm um Kuerf)
Madame: Ma dir därft op ké Fall ze goen.Meng Duechter ass jo zu alle Bo'ssen berôt,gelt Nelly,du wölls eröm alles gudd mâchen?
Nelly : (d'Mina noäffend stellt sech virun et a sét op deitsch)- Gewiss!Ick bin zu jeder Genugtuung bereit.Ick duelliere mich mit Mina auf schwere Pistolen!
Mina : (jeitzt erschreckt) Pistolen!-Ha -ickgehe!(ze't um Kueref)
Madame: Bleiwt dach, et ass dach nemme Spass.

Mina : (be's) Wat?-Spass! Ich dank für solch Spässe! ( Tret virun d'Nelly,bekukt et vun uewen bis ennen,dann) Kennen sie nich das Sprichwort:
" Spiele nich mit Schiessgewehr,denn es fühlt wie du den Schmerz!?"

Nelly (lacht):Hahaha!- Minna sit dir en Unikum?

Minna: Wass!-Erst ein Monstrum jetzt noch ein Unikum? Dat is mir zu bund,ick gehe! ( ze't um Kuref,all halen et zereck)

Louise: Dir derft op ké Fall goen!

Nelly: Soss geheien ech mech an d'Wasser- bis un den Hals!(op d' Seit)

Minna: (Misstrauesch) Ist das ihr Ernst, Frl.Nelly ?

Nelly: Mei batteren Eéscht!

Minna: Na,dann will ich hierbleiben! (kategoresch):Aber erst müssen Sie Abbitte leisten!

Madame: Jo Nelly, du bieds op der Plâtz d'Minna em Verzeiong!

Nelly: Na sche'n!(Kne't secg virun d'Minna,streckt d'Hänn ge'nt et): Minachen,Muster aller Kichefeen,kannst du mir verzeihen?

Minna: Ick bin also kéen Monstrum?

Nelly: Nén!

Minna: An ooch kén Unikum?

Nelly: Ausgeschloss!

Minna: (Hiewt d'Nelly op): Gut,dann bleibe ick!

Alle 3: Gott sei Dank!

Louise: (Zur Madame) Mamm op émol kónt de Jempi an 't ass nach

Madame: <u>neizht gekacht</u>/-denk drun! Wo' der jo dach elo entschloss sit hei ze bleiwen, kónt dir vleicht mat an d'Kichen goen. Mir sollen nämlech fir Metteg Besuch kre'en, Härebesuch!

Minna: Dat is aber schén,Herrenbesuch hab ick auch immer so gern. Ist's een scheener Herr? Wissen se gnädige Frau, mein August dat ist e Muster von einem Mann, grad wie ick e Muster von eener Küchenfee sin!

Madame: Jo Minna,dén werden mir jo nach kenne le'eren,awer kommt elo emol gleich mat an d'Kichen,datt mer eppes urichten,mir kön= nen eis dann derno nach e we'neg heihin setzen a verzielen.

Minna: Dat will ick aber och meinen.Ick muss Ihne noch meine Wünsche offerieren.

Madame: Dât mâche mir derno.Kommt! ( of mat Minna)

6.Szén:Nelly,Louise,Maisy,Gitty.

Nelly: Ech läche mer nach e Bockel mat dém Muschter do!Hahaha!

Louise: Ech och!-wann dach nemmen én dag me' spe't komm wir!

Maisy:Gitty: (kommen eran): Mir sin ferdeg Tatta!-Awer sot emol,war dat de Besuch fir dén mir eso' sche'n renglech gemach hun,- dat Framensch do mat déne ro'de Buschten?-Gelt nén!

Nelly: Dach Maisy,dât ass de Besuch!

Allen 2: Nén! Wan mir dât awer gewosst hätten!

Louise: Et ass jo net wo'er! d'Tatta Nelly berîcht iech,dât ass eis nei Kächen!

Gitty: O mei! Dann huet d'Boma et de' He'er awer gut geroden, mat dèr spuert se vill,mei Papp sét jo emmer dât wir hir Hâpt= dugend.

Louise: Elo sin ech awer gespânt! A wat mengs de dann datt d'Boma elo ge'f spueren?

Gitty: Mâ Tatta-d'Lîchtes-D'Käche brauch keng Luecht owes,weder an

....der Kichen nach an hierer Kummer!Ass dât neischt gespuert?
All: Lâchen.Hahaha!

7.Szén: de' Vireg,Madame,Mina.

Madame a Mina: (kommen eran)
Mina: Also wie gesagt,so 'ne Perle wie mich kriegen Sie in Ihrem Lebtag nich mehr!
Madame: Dovun sin ech iwerzégt,Mina.
Mina: (setzt sech brét op d'Sofa,dann wenkt): Nehmen sie Platz, meine Dame! Ick möchte Ihnen jetzt meine Wünsche offerieren.
Maisy: (hémlech an d'Leit): 't ass alt gudd, 't ass ént vun jenseits des Jordans!
Madame,Nelly,Louise sötzen sech em den Dech,Maisy me' op eng Seit dat se net zevill gesin gin vum Mina)(De' zwé machen emmer hémlech hier Bemierkongen.)
Mina: Also meine Damen:Erstens wie steht es mit der Verpflegung hier im Hause?
Madame: Ja wat sit dir dann án der Beziehong gewinnt,Mina?
Mina: (gro'ssarteg) Nur das allerfeinste bütte!
de' zwé klenger: Feunste,bütte,hahaha.
Mina: Auf meiner letzten Stelle hat sich alles nach meinen Wünschen gerichtet.
Madame: ( erstaunt) Wat sot Dir?
Louise an Nelly: Hahaha!
Mina: Aber sicher! Erst wollte der Herr des Hauses seine Wünsche durchdrücken,dann hab ick ihn aber doch klein gekriegt!
Madame: We' huet Dir dât fèrdeg bruecht?
Mina: Och, bloss durch 'ne kleine Kur.Ick habe ihm nähmlich zwei Wochen lang Schweitzer-Pillen ins Essen getan, das hat gewirkt, Gott sei Dank, haha!
Madame: (schle't d'Hänn iwer den Kapp zesummen): Schweitzer-Pillen?
Louise: Huet Dir dât gemâch!-(zum Nelly) 'T werd mer dach mein Jempi net vergeften?
Mina: (neckt eifreg): Aber feste!
Madame: Mà Dir schengt mer jo eng energesch Perso'n ze sin!
Mina: Bin ick och! Wer mer dumm will verschleissen,der kriegt eens uff die Badehose!-Also jekocht wird nur meine Leibspeise!
Madame: A wât ass dât?
Mina: Eisbein mit.......
Madame: (fällt an): Mat sauere Kâbes?
Mina: Nee, Schlagsahne.Hahaha!
Allen 3: Em Gottes wellen!
Mina: Ja, da staunen se wohl was? Aber schad nischt( de' Kleng: Schad nischt,hahaha!) Sie werden sich schon mit der Zeit daran gewöhnen.Was die Wohnung anbelangt, so wünsche ick ein Zimmer vorne raus,mit Balkon und Klavier!
Madame: Wât! Matt Balkon.
Louise an Nelly: Mat Klave'er!
(De' Kleng: De' a Klave'er spillen,so' we' der Boma hier Ke'h)
Mina: Na,allemal-Gott sei Dank!
Madame: Ja,könnt Dir dann Klave'er spillen?
Mina: Ick? Wo werd ich dann! So een olles Geklimper könnte mir jerade noch passen.
Madame: Jo, wurfir braucht dir dann dât Klave'er op èrem Zemmer?
Mina: Weil's vornehmer aussieht,wenn ick mal Besuch bekomme!
Madame: Do ass é sprachlos!
Mina: Iss ooch besser,Frau Rosenblatt,sprechen tu ick schon alleene

Maisy: O jo,dât stemmt! (Rift d'Nelly):Tatta Nelly,dât Mina do huet é vun déne Séen, de' et jenseits des Jordans get: Dir wôsst jo: d'Nordsee, d'Ostsee an .....
Nelly: An den dretten?
Gritty: d'Schnautzsee, hahaha!
Mina: (geseit an he'ert elo ere'scht de' zwé klenger): Wer sind denn diese zwei Wickelkinder? Hab ick die ooch noch zu versorgen?
Louise: 't sin eis zwo' Niesen, sie sin nemmen op Besuch! (zur Mme): Elo hun mir wirklech e Muster!
Madame: Ro'eg Louise,soss léft et eis fort! Huet Dir soss nach e Wonsch,Mina?
Mina: Nur man langsam,gnädge Frau,nicht bloss einen Wunsch hab ich noch,sondern viele.
Madame: Dann ass et ower besser dir git emol eng ke'er no den Depper kucken,dat iech neischt ubrennt.-Kommt ech gin mat!
(of mam Mina)

8. Szén: De' Vireg oni Mme an Mina.

Louise: Nelly wât get dât? De Jempi kônnt a mir setzen nach hei dém Quatsch do no ze lauschteren.
Gitty: Wat fir e Jempi kônnt dann Tatta Louise?
Louise: De' kleng Kanner sollen net eso' virwetzeg sin....
Maisy: Tatta Nelly sot Dir eis et!
Nelly: 't ass e Geheimnis!-d'Tatta Louise soll iech et selwer verRODEN.
Louise: Ech hun iech jo gesôt,dir sollt net eso' virwetzeg sin.Git nach eng Ke'er aus,da kukt der datt de Wé bis op d'Stross propper ass.
De' 2 gin of:hémlech): Dât elo bezuels de Tatta!
Louise: Ech muss meng he'ch Schong emol nach sichen goen,a wichsen, 't ass d'Bescht ech dongen de' de Metteg un, wann ech mat dem Jempi an senger Mamm eloeremer gin. (of)
Nelly: Ech war gespannt op d'Mina,ech sin ower nach me' gespannt op de Schwoer-ech wôllt soen op de zukünftege Schwoer Jempi Rommelskapp!

9.Szén: Madame,Mina,Nelly.

(Madame an d'Mina kommen eran,Mina huet e Breileffel an der Hand.)
Mina: (schwenkt de Leffel we' wann et den Takt wôllt scloen): Also wie gesagt: Ich bin gewôhnt,dass man mir Fräulein heisst!
Nelly: Dât ass jo zum piepen! Hahaha!
Mina: (verweist):Wer ist zum piepen? Bei sie piepsts wohl was?
Madame: Awer Nelly, we' kanns de dach nemmen! ( zum Mina): Wann Dir also wellt Joffer genannt gin ,dann hécht dir vun elo un Joffer Mina.-Nelly hues de he'eren!- A we' stét et mam Ausgang?
Mina: So oft ~~xx~~ als möglich!
Nelly: Dât kann ech mir denken,hahaha!
Madame: Awer Nelly!!!
Mina: (zum Nelly) Mein Fräulein!!!!!
Nelly: Ech si jo schons ro'eg.
Madame: Ass et iech genug Joffer Mina,wann der all Sonndeg an én Nometteg an dér Woch frei huet?
Mina: ( be's) Waas! Bloss zweemol die Woche! Erlauben se mal Frau Rosenblatt! Bin ick denn hier im Gefägnis?
Madame: We' daks wôllt dir dann Ausgang hun?
Mina: Na, mindestens 4-5-6 mal die Woche!
Nelly: ( lâcht) dann ass d'Woch erem!

Madame: Nelly!!!- Dierf ech em èr Zeignesser bieden Mina!
Mina: Fräulein Mina bitte!
Madame: Pardon Joffer Mina,dèrf ech em èr Zeignesser bieden?
Mina: Zeignesse!- Gott wenn sie grad grossen Wert drauf legen, hier sind sie! ( hieft den ieweschten Rack op an hölt se aus dem eneschten eraus)
Nelly: Do sin ech gespannt ewe' e Prebli! ( Kukt mat der Mamm an d'Zeignesser)
Madame: (liest) Mina hat stets gehorcht!....
Nelly: Secher un den Diren!
Mina: (be's) Mein Fräulein!!!-(zur Mme): Das ist doch ganz einfach: Ich habe meiner Herrschaft stets jehorcht.... wenn sie tat was ick wollte!Hahaha!
Madame: (liest dat zwét): Mina war eine Perle,ohne Fassung! Wie ist das gemeint?
Mina: Keene Ahnung! Jedenfalls meint se ick hab die Fassung verloren, wenn ick neben dem Kochen einen Roman verschlungen habe!
Nelly: Dât le'st sech he'eren! Hahaha !
Madame: Wât ? Niewen den Kachen liest dir Romanen?
Mina: Na immer!! ( hölt aus senger Handtesch e Romanheft a liest mat Ausdrock den Titel:) Randolpho der edle Bandit oder die Grafenbraut an der Kirchhofmauer um Mitternacht!-Was sagen die Damen dazu?!
Nelly: (schle't d'Hänn iwer dem Kapp zesummen a lâcht): Wonnerbar
Madame: E richtegt Muster!
Mina: (triumphe'ert) Ja, ick lese beim Kochen nur gute Sachen!
Madame: Lauschtert Mina...
Mina: Fräulein Mina bitte!
Madame: Also Joffer Minna, ech well emol mat iech probe'eren! Git emol gleich nach eng Ke'er nom Iessen Kucken. Ech muss och an enger Stonn fort. ( Mina of )

9.Szén: Madame,Nelly,Louise.

Louise: (kennt eran gestiermt): Mamm a wât der Jomer kacht Dir de Metteg, d"ganz Haus richt no ugebrannten Bo'nen.- Dir wärd dach net mengen dat mir dem Jempi a senger Mamm Bo'nen dursetzen?!
Madame: A fir wât dann net! Ech hun et absichtlech gemacht.6 Kuck de Jempi ass gewinnt mat de Pärd emzegoen, durfir wärd hie: secher och gär Pärdsbo'nen iessen.- 't wir nemmen schued wann s'elo ugebrannt wieren de' deier Be'hnerscher!- ( wöllt ofgoen)-Wann Zierden Ahnekett könnt,dann sot der esch wir mech undoen, ech ke'm gleich.- An well mer derno net gutt könne dervun schwetzen: Wann de Jempi könnt da mach der datt hien eng gutt Impressio'n vum Haus a besonnesch vun dir Louise kritt,dir verstitt jo wurfir?! - An du Nelly sief net ze vill gecke§!
Nelly: Hues de he'eren Louise, scheck dech gutt,sief net ze vill geckesch§....
Louise: Ma du frecht Steck do! - 't ass dach fir dech!-Ech hätt jo am le'fsten d'Mamm ge'f dech mathuelen.
Nelly: Oho, ech ge'f dach emol gâr de Rommelejempi gesin.Op hien och wert ass mei Schwoer ze gin?
Louise: Do gess du Naschtquakert jo guer net gefrot...(iwerdem könnt d'Mamm)
Mamm: So louise, 't ass wirklech net me'glech fir dem Jempi de' Bo'nen nach dur ze stellen.Ech hun dem Mina gesot hatt sol eppes aneres kachen. Nemmen mir können dach de' deier bo'nen net ausschöden... wat solle mer do mâchen?... Denkt emol un elo sin och eisem Jäng seng 2 hei, wât ass dât e Verloscht§

Louise: De Verloscht ass dât we'negst,mei Jempi ass jo reich!- mä mâcht nemmen dât Gestenks se'er aus dem Haus!

Nelly: (gät bei d'Dir a streckt d'Nues eraus) Pä!! d'mibbst, sét Schwarze Karel!

Mamm: Sief dach stell du Trotz!ß Ge'h le'wer uewen op a kier d'Kummeren, datt d'Haus rengleech ass.

Nelly: Jo Mamma! ( of )

Mamma: Louise, ech hun d'Nelly fortgescheckt fir der e gudde Rot ze gin: Du wès jo ech gin elo fort, also de' Bo'nen mussen verwärd gin,- du hun ech mer dat elei geduecht: Mir gin dem Gitty am Maisy se, de' hun jo nach jonk Mé, an se sin ewell de ganze Murgen doremmer gesprongen, de' iessen se schon. Du gess le'wer jidderengem nach 5 Fr derbei, dann hues de an engems de Geroch aus dem Haus wann de Jempi könnt!

Louise: Mamm, dât do ass keng iwel Iddi!!!

Mamm: Louise dann gin ech mech elo undongen.

10.Szén: Louise, Zierden Anekett;

Louise: Da welle mir elo gesinn wat eist Muschter vu Kächen haut dem Jempi zesummen kacht!... Hoffentlech gefällt et dem Jempi hei!- Schued dat meng Mamm net kann hei bleiwen.-( et schellt) A wien soll dât da sin! Mein Hierz schle't schon me se'er.....'t wärd dach de Jempi nach net sin--(gät opmachen) Ah Dir sit et Zierdeme'hm!!! da kommt eran, so' da plätzt iech wannechgelifft!

Anekett: Wien huet d'Schatz?- Du§ - Mà 't get och eso' lues Zeit!

Louise: (rifft an d'O'er) Ech hun gesôt dir sollt iech plätzen, meng Mamm könnt elo gleich, sie ass sech undongen!

Anekett: Ah so' ! Da lost mer eis alt e we'neg setzen.( setzt sech op d'Sofa) So' ewell setzen ech!

Louise: ( setzt sech hir gegeniwer): Denkt iech Zierdeme'hm, mir hun haut e neit Medchen kritt, e richtegt Muster!

Zierdeme'm: Dât gläwen ech, dir hut jo elauter sche' Kanner- Mà ass deng Mamm da schon erem monter?

Louise: Mà wurfir soll sie dann net monter sin?

Anekett: Dât ass jo e richtegt Wonner!- Dann hues de ewell 3 Schwesteren?!

Louise ( lâcht): Dir hut mech falsch verstânen, mir hun eng nei Kächen kritt!

Anekett: Ah so' ! Eng Kächen mengs de - dat ass eppes^aneres. Gät et denger Mamm da soss gutt?

Louise: Oh danke, elo huet se jo erem we'neger Arbecht!

Anekett: & Denks du dann nach net drun fir dech ze bestueden Louise?

Louise: Hätt ech emol e Freier!

Anekett: Du hues recht, bestueden kascht ze dei/er- Vleicht hues de Gléck dass de e reichen Mann kriss.

Louise: Ass dât en dawt Nilpärd!

Anekett: hält em d'O'er mam Ro'er hin): Wat séss de mei Kand!

Louise: Ech hun gesot dir wärd eis vill wert le'f Zierdeme'hm!

Ahnekett: (geschméchelt): Ah so' - Dât hun ech jo gewosst, mei Kand, dat ech iech vill wert wir

( d'Mamm kennt eran)

11 Szén: Anekett, Madame, Louise.

Madame: Da kommt Kett, losst mer goen den Zuch ward net!. Louise mâch dat alles an d'Rei gét- Kuck dat d'Nelly net zevill ausgelôssen ass- An de Resch dé wèss de jo- Addi bis den Owend!

Anekett: Addi mei Kand ( Madame en d'Anekett of)

Louise: So' da mussen mer elo kucken dat de' domm Bo'nen verschwannen, hätt d'Mina mat senger gro'sser Klapp net eso' lâng hei geschwaudert, da wären se secher net verbrannt.(Rifft zum Fenster eraus): Maisy, Gitty, kommt iessen!

Vun dobaussen:) Jo Tatta!!

12; Szén: Louise, Maisy, Gitty.

( De' zwé kommen eran)

Maisy: Tatta, mir sin allerhand hongrech!

Louise: En Ableckchen nach ( gèt d'Bo'ne sichen) Hei ass eng Schossel bo'nen we' dir am Liewen nach keng giess huet!- A kuck elei- wann dir an 5 Minutten de' Schossel do eidel huet kritt jidderént vun mir 5 Frang, ass dât net sche'n?!

Maisy+Gitty: Mir werden eis ustrengen Tatta! ( grinsen)

Louise: (gèt of,kent gleich erem,stelltd'Schong an den Eck,sét zu de Kanner:) Dajé fleisst iech!- De Besuch kennt gleich,da musst dir ferdeg sin, mir kennen da keng kleng Kanner gebrauchen! ( of )

13. Szén: Maisy, Gitty.

Mâchen sech iwer d'Bo'nen hir.

Maisy: Bäh..... no wât richen de' ?

Gitty: Päh..... de' richen no der ro'der Kächen!

Maisy: Iess nemmen Gitty denk un eis 5 Frang!

Gitty: Dât ass se'er gesôt, ech kre'c kengerof§ ( kuckt rondem se So Gitty, sollen der Tatta hir He'ch Schong elo net hongre sin? (schött e we'neg Bo'nen dran) O mei le'wen Jong, sét Zelten Tunn, dât gèt der iewel ewe' eng Auer!

Maisy: Mä do ass nawell keng iwel Iddi, elo kritt d'Tatta emol bezuelt wat mir hier d'e'neschter versprach hun, we' se eis erausgescheckt huet!-An den Drebli geng jo och eng Portio (schött der dran)

Gitty: A wât ass an der Kescht elo? Do mâche mir de Rescht dran! ( 't geschitt, d'Schossel ass eidel)

Maisy: Ri, de' si gutt enner Dag!

Gitty: Gro'ssarteg!

Sie sprangen an sangen no der Weis: Klaus ist in den Wald gegangen:)

Maisy: Bäh, we' richen dach de' Bo4nen!

Zesummen: Hahaha, hahaha

Gitty: Mir mussen eisen Mo dach scho'nen!

Zesummen: Hahahahaha!
An d'Schung hun mir se geschoott
sie gin dovun net kapott,
an d'Schong hun mir se geschott
hahahahaha!

Gitty: Ma wât gett dât 'lo heibannen
hahahaha, hahaha!
Wann eis Tatta s'Schmir ge'f fannen
hahahaha!

Maisy: (weisst d'Geldzielen)
Hätte mir eis 5 Frangen,
ge'fe mir och d'Lach gleich fannen
Hahahaha!

Zesummen: Hätten mir eis 5 Frang ( Louise kônnt eran)
Hahahaha

Maisy: Wat sin de' Bo'nen lecker

Zesummen: Hahaha

Gitty; Sie sin geretscht we' é Steck Zocker
Hahahaha!

Zesummen: ( Ent weisst op de Mond dat anert op d'Schong)
All sin sie elei (elo) eran
Tatta gef eis 5 Frang
All sin sie elei ( elo) eran, Hahahahaha!

Louise: ( an enger Frèd) Dann heit Kanner!( get jidderengem 5 FR) 't mecht mir Frèd dat b'Bo'nen eso' gutt geschmacht hun!

Maisy+Gitty: Merci Tatta! ( Of,lâchen a kucken an der Dir nach eng Ke'er em, mâchen eng lang Nues, weisen d'Geld nach eng Ke'er) de' hätten mer!!!!!

14. Szén. Louise eleng.

Loubse: (hölt d'Schossel fir se fort ze droen): Gott sei Dank datt dât stenkech Geschier fort ass;Wât hätt de Jempi gesôt,wann d'Haus eso' verpescht gewiescht wir,wo' en haut fir d'e'sch era könnt ( dre't d'Schossel fort)(Un der Fenster geseit én de' 2 dann a wann lâchen,d'Louise därf se net gesin): Da lôss mer de' he'ch Schong undongen,'t wès èn net wo' de Jempi gär higéng!(setzt sech,dèt é Schong an dén âneren un a spiert d'Bo'nen): Hackerstiewel,wât ass dât do? Soll d'Kâtz nén 't ass net me'glech se stonge jo bis elograd op menger Kummer!( dre't d'Schong em,d'Zopp léft eraus): Ah so' 't si Bo'nen! Nu kuck awer emol é liewege Mensch de' zwé krappesc Gesteller;De' hun der Deiwel an de Repper-Wârt wann ech se nach eng Ke'er ennert d'Gräpp kre'én! MÀ elo se'er e we'neg gebotzt. De Jempi muss gleich hei sin,dén därf neicht vun déne Bo4ne gesin,soss ass et aus ewe' ewell schon eso' daks an dobei get én âl a greislech!( Iwerdém et dât sét huet et eng Kescht gesicht an d'Zôss e we'neg vum Buedem opgehuewen) d'Nelly kann derno e we'neg wäschen ( dèt d'Schong un,gèt bei d'Kescht mat den Serve'ten) Ech muss mer nach eng Serve' huelen a mech e we'neg ofbotzen ( greift an d'Kescht,hölt eng Serve't eraus wo' natirlech d'Zôss nemmen eso' erof léft Mill nonzeng a sechs, de' verruchte Band ( gèt of)(d'Bühn bleiwt e we'neg eidel,da kennt d'Nelly,geseit de Knascht op dem Bueden)

15.Szén. Nelly, Mina

Nelly: A wât ass dât do? Mina!! Mina!!
Mina: (könnt eran gestiermt) Fräulein Mina bitte!!!
Nelly: Wât bedeit dât do?
Mina: Ja da müssen sie wohl ihre Schwester fragen.Sie hätte die 2 Nichten sollen gleich hinausschaffen als sie die angebrannte Bohnen verdaxt habɇen.
Nelly: Ja Joffer Mina,dât muss awer gebotzt gin e'er de Besuch Könt
Mina: Hat sich was! Ick bin een Muster von einer Küchenfee,aber né von einem Putzmädchen-Und zweitens FräUlein Nelly,mein Augus der macht sich nichts aus jedem Dreck,so kann der Besuch der kommen soll es auch machen!(am ofgoen) Ick muss schnell in die Küche sonst brennt mir noch was an! (of)
Nelly: Da bleiwt mir neischt iwreg we' selwer en Torchong ze huelen an et opzebotzen.(of)

16 Szén.Louise,Jempi,Mme Rommelskapp.

Louise(könt eran) Nanu! net gebotzt!-Da mussen mir de Jempi en engem âneren Zemmer empfänken! (geseit de Prebli,hölt en,hält en iwer sech a mecht en dann op so' datt bre'h lanscht all Stân gen erof lèft-Un der Fenster geseit én de' 2 klenger de' sech de Bauch hâlen vu lâchen-Iwerdém gèt d'Dir op,de Jempi stèt do mat senger Mamm ganz verwonnert iwer dén Empfank.- d'Louise ass eso' erschreckt datt et mam offene Prebli stoe bleiwt)
Jempi: O Mamm,wo' si mir hei higerôden?
Mamm: Ech wès et net Jempi, wanns du et net wès!
Jempi: A wien sitt Dir?-Secher der Joffer Louise Ro'senblâd hird Dengschtmedchen?-Ent könnt Dir Iech awer mierken: eso' schmotzeg empfänkt é ké Mönsch!- MÀ sôt,wo' ass dann d'Joffer Louise Ro'senblâd?-Wellt dir eis vleicht umelle goen: Ech sin de Jempi Rommelskapp an hei ass meng Mamm!

Louise: Jempi! ech..sin..et..selwer!
Mamm: (ennerbrecht) Dir sollt eisem Jempi seng Freiesch sin?
Louise: Ech soen Iech dach...
Mamm: (le'st et net zo' Wuert kommen): Jemp,ennerste'h dech a breng mer eso' é Knascht an d'Haus, da fle'ht dir allen 2!
Jempi: Mamm, rég dech dach net op!( Hien war e we'neg an d'Zemmer gång eso' datt en op Platz ko'm wo' d'Louise d'Bo'nen ausgeschott håt, e mecht eng Bewegong,retscht aus a fällt): O Jesese Kanner och dât nach!!!
Louise: ( iwerdem wo' de Jempi fällt): O jé an nach mat dém sche'ne Kostüm! ( 't geseit én de' 2 dobaussen lâchen)
Mamm: Allez! Jempi, ste'h op, da botz de dech of a mir gin hém,du brauchs kén eso ' e schmotzegt Ro'senblåd zur Fra!- A kuck emol elo durch d'Fenster,- mir gin jo richteg ausgelâcht!! ( De Jempi hiewt sech op, am Opstoen verschmiert en sech ere'cht richteg, d'Louise hält en um Arm fest):
Louise: Jempi, du wärs mir dât dach net undongen! 't ass jo nemmen e Stréch vun mengen 2 Niessen dobaussen, bleiw hei ech gin mech elo wäschen an aneschter undongen, da botzen mir dei Paltong an dann erem alles gudd!

17 Szén: Maisy, Gitty.

( iwer dem leschten Sâtz vum Louise kommen de' 2 eran)
Louise: (hölt se mat den O'eren): A wât ass Iech 2 ugången!-We' kommen de' Bo'nen a meng Schong an an de Prebli?
Maisy: Dât ass dach licht ze verstoen. De' ro'd Kächen hat eppes an d'Bo'nen gemâch, mir konnten se net iessen- sie hun émol ze vill gemibbst! Mir wollten awer onbedengt de' 5 Frang hun, durfir hun mir se an d'Schong geschott
Gitty: Gelt Tatta et huet de Schung neischt gedoen!? ( lâchen)
Mamm: Dât ass jo interressant! Joffer Ro'senblåd da sitt Dir net emmer eso' schmotzeg?
Maisy: Wo' denkt Dir Hin, eis Tatta Louise ass emmer ganz sche'n a fein!
Louise: Dât wellt ech mengen! En Ableckchen, ech gi mech nach botze ( of,-de' âner gi matt bissbaussend d'Dir, d'Dir bleiwt op, da könnt d'Nelly vun der ânerer Seit mat Emer a Schrubber fir d'Bo'nen opzebotzen)

18. Szén: Nelly, Mina.

Nelly: Da loss mer e we'neg botzen ( botzt) A wât huet de Prebli do? Eist Luoise håt en extra gebotzt fir wann et sei Jempi op d'Gar bégléde ge'f ( kuckt en) O mei wât ass dât do? Bo4nen dran!
Maisy: Dât ass neischt Tatta Nelly, dât mecht sech erem of!- Mir håten eis bâl krank gelâcht,- ech erzielen iech et derno!
Nelly: ( geseit de Jempi an seng Mamm) Bonjour Här, dir sitt dach den Här Rommelskapp, menger Schwester hire Freier?- An hei ass secher d'Mamm! Bonjour! Kommt eran, huelt Iech Plâtz, Gitty ge' sich d'Tatta!....
Gitty: De' ass sech emol wäschen...
Jempi: Sie håt et awer och notwendeg( iwerdem könnt d'Louise)
Louise: Hei sin ech Jempi!! ( et ass sche'n gebotzt)
Mamm: (hémlech zum Jempi): Jempi, wât sés de dann elo? Solle mer nach hémgoen? ( fir sech) Ech wir alt fro'h wann ech engem Rommelskapp lass gé'f, ech hun der nach 4!
Louise: ( kuckt ängschtlech op de Jempi)
Jempi: 't war jo nemmen Spâss Mamm! Mir bleiwen hei! et war nemmen e klengen Ulk!

Mina: (kōnnt eran mat dem Breileffel an der Hand): Meine Herrschaften kommen Sie essen,- es ist alles parat, sonst verbrennt's wie die Bohnen!

Jempi: A wien ass dât ro'd Kett elo?

Mina: Ick bin die Mina Schlamperich von " Jenseits des Jordans" Ein Muster aller Küchenfeeen!

Louise: 't ass eis nei Kächen Jempi, de' d'Bo'nen unbrenne gelôss hât. An dât därf net mé' virkommen durfir losst mir iessen goen!

Maisy-Gitty: 't wor awer flott!!!

Jempi: 't ass nach me' flott datt mir zwé ( emärbelt d'Louise) eis fond hun!

( Sie Sangen: op d'Weis: Ein Herz das sich mit Sorgen quält

Jempi: Men Mamm de' huet all Zeit gesôt:
Du kenns nie zu engem Framensch!

Louise: An ech gin och all Dag geplôt
Da sich der dach e Mânsmensch!

Zesummen: Jempi mei Jong, mir sin gudd beienén
Louise meng Mod, gef mir eng Bés da gi mir hém.

( Sie gin sech eng Bés!!! De' âner kommen all gratule'eren, de Vorhang fällt)

Schluss.